1-2020-0-7-6204-01 (n°3392)

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2021
HA au sujet des vaccins

1

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- aktuell sougenannten Impf-Appen a verschiddene Länner, dorënner och den USA, entwéckelt ginn,
- datt esou Impf-Applikatioune kéinten zu verschiddenen Zwecker benotzt ginn, wéi z.B. eng Corona-Impfung nozeweisen oder och fir Niewewierkunge vun der Impfung ze dokumentéieren;
- datt sech domatt eng ganz Rei vu Froen, ë.a. am Bezuch op d'Datesécherheet, de Schutz vun der Privatsphär, de Schutz vu medezineschen Informatiounen (secret médical), de Konsumenteschutz, d'Reesfräiheet an esou wieder, stellen;

fuerdert d'Regierung op

- fir bei enger elektronescher Versioun vum Impfschäin, z.B. iwwert eng Impf-App, op en adequate legislative Kader op europäeschem Niveau hinzewierken, fir d'Fräiwëllegkeet vun der Benotzung vun esou enger App, d'Sécherheet vun den Donnéeën an de Schutz vun allen Aspekter vun der Privatsphär ze garantéieren;
- sécher ze stellen, datt esou eng Impf-App nëmmen däerf vun autoriséierte staatlechen a medezineschen Instanze consultéiert ginn, dëst ënner genee definéierte Konditiounen, an datt aner Acteuren, besonnesch aus der privater Wirtschaft, dës App net däerfe froen oder consultéieren;
- datt déi perséinlech Donnéeë vu geimpfte Persounen, am Respekt vum Dateschutz, net via esou eng App gespäichert a fir Dokumentatiounszwecker benotzt kënne ginn, ouni déi bewossten, prealabel a schrëftlech Zoustëmmung vun där betreffender Persoun.

Jeff Engelen

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742